Réunion 01/2025

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 23.01.2025**

| | |
|---|---|
| Lieu de réunion : | Op Fréinen à 19.30 H |
| Début de la réunion<br>Invités | 19.00H<br>[redacted] |

## Ordre du jour :

1. Compte rendu vum 12.12.2024
2. Avis "subside Pampers"
3. Poubellesprëch
4. Grouss Botz 2025
5. Aner projets'e fir 2025
6. Divers

## ***1. Rapport Reunioun 12.12.2024***

De Rapport vun der leschter Reunioun vum 12.12.2024 ass ugeholl.

### ***2. Avis Subside pampers***

D'Kommissioun krut eng Hei huet eng héichinterressant an informativ Präsentatioun gemaat waat et hautzudaags alles gëtt am Beräich vun de ‚Wiedervendbare Windeln'.

D'[redacted] haat eng panopli vu Modeller matbruecht fir déi ennerschiddlechst Besoins an huet hei explizéiert firwat déi eenzel Modeller am beschten ze gebrauchen sinn.

Et ass och esou datt hautzudags de Gebrauch, besonnesch vun sougenannten ‚All in one' Wendelen dest hei beim ‚Konfort' och vergleichbar sinn mat ‚Wegwerfwindeln'.

Awer och déi aaner Modeller sinn, no enger kuerzer Zeit, problemlos ze notzen. Hei och ugepasst un d'Gréisst déi gebraucht gëtt. Fir bei der Wäsch ginn et hei och speziell ‚Windelsäcke' fir déi dréckeg Windeln doran ze ginn, an dann an d'Wäschmaschine. Ass propper an einfach.

De finanziellen Aspekt spillt hei ‚en faveur' vun ‚Wiedervendbare Windeln'.

- **Wegwerfwindeln:** Durchschnittlich 1.800 – 3.000 Euro pro Kind (für die gesamte Wickelzeit von 2,5-3 Jahren).
- **Stoffwindeln:** Durchschnittlich 400 – 700 Euro – und sie können für Geschwisterkinder wiederverwendet oder weiterverkauft werden.

Bei de Stoffwendelen kënnt hei nach de Wasser a Stroumverbrauch dobei vum Wäschen (100 – 150 € pro Joer) an hei och deen Zeitopwand.

***<u>Conclusioun vun der Kommissioun:</u>***

- Eng Finanziell eemoleg Subventioun vun 30% mat maximal 200 € fir ‚Wiedervendbare Windelen'. Dëst auszebuelen no engem Joer mat Virlag vun de Rechnungen wou een ka rausfannen waat hei kaaft ginn ass. ***<u>Dëst pro Kand oder pro Erwuessenen</u>***. Heimat kann fir déi Famillien eng zousätzlech Belaschtung duerch d'Gemengen Taxen beim Déchêt verhënnert ginn.

Zousätzlech gëtt eng Offer vu Berodung ugebueden. (Devis en annexe) – Am Ôpen kritt een och een ‚Testkit' vu Stoffwëndelen fir 80 € de Mount als Locatioun. – Eng Info Campagne géif dann hei och gemaat ginn. Mat engem Info Flyer / MAG / sozial Medien

- **Beim sozialen Aspekt** : eng Propose vun enger Erhéichung vun 100 € pro Joer fir all déi Haushalter déi iwwert de Centrest eng ‚Allocation de vie chère' bezéieen. Déi 100 € stellen grosso modo de surplus vun de Käschten duer bei dem Modell op deen mir als Gemeng sech baséiert hunn, also déi fixe Taxe + 3 mol pro Joer eng zousätzlech Levée. Dëst bei enger Poubelle vun 80 Liter. ***Bedenken heibei*** : De Centrest ass och fir d'Gemengen vu Betzder a Niederanven do. Eis Gemeng huet hei eng Politik agefouert datt an deenen drei Gemengen dës Allocation de Vie chère an all de Partnergemengen identesch soll sinn.

## ***<u>3. Poubelles sprëch</u>***

RAS – nächst Réunion.

## ***4. Grouss Botz 15 März 2025***

Kuerz nachengkéier iwert d'Concept vun dësem Joer geschwat, an dat mer oppassen dat kee point de collecte vergiess gëtt.

D'Bréiwer un d'Verainer an d'Schoulen, suwuel wi d'Annonce fir an de MAG an fir de Lënster Lycée si prett, an iwert e QR Code bei der Annonce vum MAG ass den Text och op Englesch oprufbar.

## ***5. Aner projets'en 2025***

Aus Zäitgrënn ass dee Punkt op eis nächst Réunion verluecht.

## ***6. Divers***

Den [redacted] huet eis erklärt datt an deenen leschten 2 Méint emmer méi voll Tuuten mat Offall niewend déi Gemengen Poubellen op deenen verschiddenen Plazen ze fannen sinn. Hei ass d'Zuel massiv robgaangen par rapport zu deenen Méint virdrun. D'Police géif hei och keng Enquêten aleeden, och wann eis Gemengematarbechter se informéieren wann se an esou Tuuten Adressen vun de Leit fannen. Dëst mat dem Argument datt hei dëst och vun aaneren Leit hätt kënnen rageluecht ginn.

Do kéint ee kuken awer eis Police ze sensibiliséiren.

Den [redacted] huet nach eng kéier drop higewissen datt d'Gärtner Equipe misst esou schnell wéi méiglech verstäerkt ginn.
Eise Katalog vu Gemenge Subsidien am Bereich vun der energetescher Renovéierung respektiv och bei aneren Aspekter sollen am leschten Trimester 2025 rëm op de Leescht geholl ginn. Hei kënne mir dann déi geplangten Upassungen déi vum Staat fir 2026 geplangt sinn. Mir géifen hei dëst zesummen mam Klima-Team och maachen.

Eis nächst Réunioun ass en Mëttwoch, den 27.02.2025 um 19.30 Auer an der Buvette "Op Fréinen"

Mat frëndleche Gréiss.

| | |
|---|---|
| Nora Dupont<br>Sekretärin | Boden Jean<br>President |